



Lycée Hubert-Clément zu Esch. Hei ass d'Rie-dezäit nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: den Här Berger, d'Madame Mutsch, d'Madame Lorsché an den Här Kartheiser. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

13. 6357 - Projet de loi relatif à la transformation et à l'extension du Lycée Hubert-Clément à Esch-sur-Alzette

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Marc Spautz** (CSV), *rapporteur*.- Här President, Kolleeгинnen a Kolleegeen, haut solle mir iwwer e Projet vun engem Lycée ofstëmmen, deen duerch d'Gesetz vum 17. Juni 1911 gegrënnt ginn ass. Ech denken, datt dës Zäit-span vu méi wéi 100 Joer e laangen Dag beweist, an datt et do och derwäert ass, fir eng Kéier e Réckbléck ze maachen iwwert dee Lycée, deen elo an eng Transformatioun an an eng Extensioun erageet.

Wéi d'Chamber viru knapp 101 Joer dës Lycée an d'Liewe geruff huet, war dat als Lycée de jeunes filles zu Esch. D'Gesetz huet d'Organisatioun vun engem Enseignement moyen virgesinn. Eigentlech huet dat Gesetz awer just enger bestehender Situatioun eng legal Basis ginn, well op eng Décisioun vum Gemengerot hate se den 30. Juli 1910 d'Décisioun geholl, vum Escher Gemengerot hate se...

(Interruption)

...wann et zu Esch ass, Här Braz, da muss et wuel zu Esch sinn; huet schonn e Lycée fir jonk Meedercher an der Stad bestanen. Et ass duerfir och wichteg, fir zu Esch esou een ze schafen.

(M. Michel Wolter prend la présidence.)

Am Ufank hat d'Schoul keen eegent Gebai; verschidde Klasse waren am ale Gemengenhaus, anerer bei de Schwëstere. 1926 hat den Deputéierte René Blum eng Proposition de loi iwwert den neie Lycée déposéiert an 1931 gouf e Concours fir en Avant-projet an d'Wee geleet. Eréischt am Joer 1938 huet den deemolegen Escher Buergermeeschter an Deputéierten Hubert Clément Terrainen an der Peripherie - deemools Peripherie - vun Esch kaaft, fir en neie Lycée drop ze bauen.

D'Aarbechten hunn awer eréischt Ufank de 50er Joren ugefaangen. De 25. Abrëll 1955 konnt dat neit Gebai an der rue Général Patton ageweit ginn. D'Gesamtfläch deemools waren 2.300 m². Deemools sinn 312 Schülerinne, verdeelt op 14 Klassen, do an de Lycée gaangen. 1961 waren et der scho 446 a 16 Klassen. An et war séier kloer, datt d'Gebai ze kleng wier.

Schonn am Schouljoer '63/'64 waren all d'Klassensäll genotzt a vun 1965 u si verschidde Säll fir fachspezifischen Unterrecht mat benotzt ginn, fir d'Klassen ënnerzebréngen. Well ëmmer méi Schüler sech gemellt hunn an där Schoul, sinn d'Klassen ëmmer méi grouss ginn. Et waren eng Zäit alt bis zu 50 - dat ass vläicht e Chiffer, deen ee sech haut an enger Schoul net méi ka virstellen -, datt bis zu 50 Schüler an enger Klass waren!

Am September 1965 si véier Klassen a proviso-resche Pavillonnen, déi am Haff opgericht gi sinn, ënnerbruecht ginn. Dat konnt awer selbstverständlech keng dauerhaft Léisung sinn. An 1966 gouf en Tosch mat der ARBED gemaach, fir datt de Lycée sollt méi Terrain kréien, fir d'Méiglechkeet ze hunn, fir och eng Extensioun ze kréien, wat dann och duerch d'Gesetz vum 27. Juni 1968 autoriséiert ginn ass. No an no sinn déi verschidde Phase vum Ausbau fäerdeg ginn, awer et huet vill misse gefréckelt ginn, fir d'Schüler an d'Personal ënnerdaach ze kréien. Am Kader vu Vergrößerungen ass et och duerno dozou komm, datt eng Piscine gebaut ginn ass, eng Kantine an en Turnsall.

Eng grouss Verännerung gouf et am Schouljoer '70/'71. Ab deem Dag war et net méi de Meedercherslycée, well ab deem Dag konnten och déi éischt Jongen an dee Lycée goen. 30 hate sech fir dat Schouljoer ageschriwwen. Am Laf vun de Joren hu sech ëmmer méi Bouwen in die Hölle der...

► **Une voix**.- Höhle! Die Höhle!

► **M. Marc Spautz** (CSV), *rapporteur*.- ... Höhle der Löwinnen getraut, an 1985/86 ware 45% vun de Schüler Jongen.

De Fakt, datt ab 1970 och Jongen an dee Lycée gaange sinn, hat natierlech mat sech bruecht, datt iwwert den Numm Meedercherslycée huet misse nogeduecht ginn. An am Juli 1971 huet d'Proffekonferenz sech fir den Numm Lycée Hubert-Clément ausgeschwat, wat dann duerch de Règlement grand-ducal vum 12. November 1971 den offiziellen Numm vun Lycée ginn ass.

Wann 1971 nach genuch Plaz fir all Schüler gi war, esou huet sech de Problem am Laf vun de Jore manifestéiert, och well nei Sécherheetsnormen et net méi erlaabt hunn, d'Klassen ënnert dem Daach an am Sous-sol ze logéieren. 1998 war e Projet presentéiert ginn, wéi een dee Lycée kéint esou aménagéieren, datt der Unzuel vun de Schüler an den Ufuerderunge vun där Zäit kéint Rechnung gedroe ginn.

Well mat deenen neie Reglementatiounen et awer ganz schwéier war, de Lycée weider ze vergréisseren, huet de Regierungsrat am Juli 1999 décidéiert, de Lycée Hubert-Clément op en neie Site ze verplanzen, fir deem groussen Ustuerm vu Schüler gerecht ze ginn. 2007 huet d'Regierung deen initiale Projet vun 1998 awer erëm opgegraff a sech fir eng Renovatioun an en Ausbau vun de Gebaier an der rue Général Patton ausgeschwat.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eng kleng Klammer: Am Avis vum Statsrot gëtt drop higewisen, an déi héich Kierperschaft huet sech d'Fro gestallt, firwat - wéi et am Plan directeur sectoriel «Lycées» virgesinn ass - deen neie Lycée net op d'Lentille Terres Rouges komm ass. De Statsrot huet et bosseg fonnt, datt mer erëm op deen ale Site zrëckgaange sinn.

Natierlech ass d'Fro erlaabt, firwat de Lycée Hubert-Clément keen neit Gebai um Terres Rouges kritt huet. De Statsrot mengt, et kéint vläicht sinn, datt mam Lycée Belval an dem Hubert-Clément déi zwou Schoulen ze no beienee gestanen hätten. Vläch kann et awer och sinn, datt de verschmottzene Buedem um Terrain vun Terres Rouges - och emol eng Schmelz, déi vill produzéiert huet a wou Lëtzebuerger Stogeschicht geschriwwen ginn ass -, datt do hätt misse ze vill Geld ausgi ginn, fir den Terrain ze entsuerge. Och déi Fro sief an deem Kader erlaabt.

Ech maachen déi Klammer erëm zou, mä et ass awer wichteg, ze ënnersträichen, datt de Statsrot sech och déi Fro gestallt huet.

De Lycée Hubert-Clément zu Esch läit tëschent de Stroossen Théodore Kapp, Général Patton a rue Jean-Pierre Michels a bitt just den Enseignement classique un. Wéi gesot, et gëtt scho säit e puer Joer Problemer, fir de Schüler an de Profen déi néideg Infrastrukturen ze bidden. Wat maache mir elo, fir datt an Zukunft hei erëm Unterrecht an adequate Raimlechkeete ka gehale ginn?

Vill Leit heibannen, souwuel op der Zuhörer-bänk wéi och heinidden am Säll; ech zitëiere léiwer keen an nenne léiwer keen, deen do d'Première gemaach huet, well et sinn der vill; och si sinn alleguerde mam Numm an der Entrée vum Lycée veréiwegt, bei engem ass den Numm richteg, bei aneren ass en net gradesou richtig, mä och dat kann een elo vläch anneren. Duerfir wëll ech och drun erënneren un déi Geschicht, déi vill Leit heibannen do materlieft hunn an déi kënne bestëmmt verschidde Spichtercher, méi positiver a méi negativer, erzielen.

Här President, Kolleeгинnen a Kolleegeen, d'Capacité d'accueil läit no den Aarbechten tëschent 780 an 975 Schüler, mat engem Total vun 39 Klassen. Nieft den üblechen Aménagementen am Ausseberäich, gesäit de Programme de construction vir, datt déi néideg Strukture fir den Enseignement, fir d'Administratioun, fir den Accueil an och de Sport geschafte ginn.

Duerch déi verschidde Lycées-Projeten, déi mir an de leschte Joren hei gestëmmt hunn, wësst Dir, wat hei d'Besoinë sinn, an ech muss net weider drop agoen. Falls awer een den Detail wëllt noliesen, esou kann en alles am Exposé des motifs vum Projet erfannen.

Ee Punkt, vun deem een haut erëm muss schwätzen, ass awer de Problem vun de Parkplazen, well och dat ass e gréissere Problem op där Plaz. Hei gëtt am Sous-sol en zum Deel bedeckte Parking gebaut an am Ausseberäich sinn nach eng Kéier 60 Plaze virgesinn.

Wien de Lycée Hubert-Clément virun Aen huet, weess, datt déi Schoul aus verschidde Gebaier besteet. Déi ginn och all bäibehalen, bis op d'Sportshal, déi net méi den heitegen Ufuerderunge gerecht gëtt. Vu datt d'Kantine an d'Piscine eréischt méi rezent renovéiert goufen, muss dorun näischt geschafft ginn.

Am gréisste sinn d'Aarbechten, déi u Gebaier aus de 50er Jore gemaach ginn. Déi mussen komplett sanéiert ginn, mat allen droende Strukturen an der integraler Technik. Am Gebai, dat an de 70er Jore gebaut gouf, mussen just Reparaturen gemaach ginn an d'elektresch Installatiounen ersat ginn.

Dernieft sinn awer och e puer nei Konstruktiounen virgesinn. Sou gëtt tëschent de Gebaier en neie Flillek gebaut, deen och direkt déi nei Haaptentrée vum Lycée gëtt. Ausserdeem déngt dësen Neibau och als horizontal Verbindung tëschent de Gebaier aus de 50er an de 70er Joren. Do, wou bis elo de Gymnase

stoung, kommen zwee nei Flillecken. An engem dovunner ass déi nei Sportshal mat verschidde-nen Annexen, an de Parking am Sous-sol.

Wat de Choix vun de Materialien ugeet, esou ass drop opgepasst ginn, datt se zolidd, nohaltig a liicht ze ënnerhale sinn. Wat d'Energiekonzept ugeet, esou gëtt déi bestehend Kogeneratiounsanlage erhalen. Dernieft ginn nach ganz performant thermesch Isolatiounen agesat. Och op erneierbar Energie gëtt zrëckgegraff doduerch, datt Fotovoltaikspanneauen installéiert ginn.

D'Aarbechte sinn also voll a ganz op der Linn vun der Regierung, fir déi öffentlech Gebaier esou ze sanéieren oder ze bauen, datt se enger nohalterger Entwécklung gerecht ginn. Esou ginn zum Beispill all d'Fënsteren duerch neier ersat mat Dräifachverglasung. Et gëtt méiglech vill op natierlech Luucht zrëckgegraff, fir d'Energiekäschte méiglechst effikass erofzedrücken.

Här President, Kolleeгинnen a Kolleegeen, esou Aarbechten an engem Lycée sinn natierlech net ohne, well jo och awer gläichzäiteg nach de Schoulbetrib muss garantéiert ginn. Am Projet, esou wéi en déposéiert ginn ass, war virgesinn, 400 bis 450 Schüler op de Site vum Lycée Belval oder an d'Annex Victor Hugo vum Escher Lycée technique ze delokaliséieren, soulaang déi Aarbechten daueren.

Momentan ass d'Situatioun awer esou, datt d'Annex Victor Hugo duergeet, fir déi conceréiert Schüler a Profen ënnerzeckréien. Dëst erlichtert deene Responsabele viles, well fir e Lycée op dräi Sitë plus e Chantier ze koordinéieren, wier nawell e schwéiert Unterfangen! Esou bleift et elo bei zwee Siten an engem Chantier.

Wat de Budget ugeet, esou si 46.500.000 Euro virgesinn. An de järelechen Ënnerhalt soll sech laut Previsiounen op 500.000 Euro belafen.

Kolleeгинnen a Kolleegeen, dat waren... och d'Hauptremarquen hat ech jo mat agebaut vum Statsrot, an ech bidden lech am Intérêt vun de Schüler, vun alle Responsabelen an och vun de Profen an am Intérêt vun alle Leit, déi zu Esch an de Lycée Hubert-Clément ginn, dës bluttnoutwendeg Aarbechten ze maachen an deem Projet d'Zoustëmmung ze ginn.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Ech géif lech och Merci soen, Här Spautz, fir Äre Rapport. An ech géif dann d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner ginn, den honorabelen Deputéierte Berger.

Discussion générale

► **M. Eugène Berger** (DP).- Merci, Här President. Ech wëlt dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche Rapport. En huet och scho gesot, datt dat Gebai eng Rei Joren um Bockel huet, datt et also absolut noutwendeg war, fir dat Gebai e bësschen op deen neiste Stand ze bréngen, mä awer och, datt zousätzleche Raum gebraucht ginn ass, datt dat dann also och elo, no praktesch 100 Joer, gemaach gëtt.

Dat hei ass en Investissement an d'Jugend, en Investissement an d'Bildung, an d'Ausbildung, duerfir begrëisse mir dat a mir wäerten also dee Projet natierlech och stëmmen.

Dat Eenzegt, wat ee kann ze bedenke ginn, dat ass, datt während den Aarbechten net, wéi alt bei anere Projeten do, sur place a Containeren konnt geschafft oder verfuert ginn, fir do d'Schüler op deemselwechte Site ze halen. Dat heescht, leider wäerten do awer eng Rei Schüler misse während een, zwee Joer - hoffentlech esou kuerz wéi méiglech - op aner Siten transféiert ginn, wat sécherlech net perfekt ass. Mir hoffen, datt - vläch bei anere Projeten, wou dat och géif ustoen - een do vläch besser Solutiounen wäert fannen. Mir hoffen also, datt déi Aarbechten esou kuerz wéi méiglech wäerten daueren.

Ech wëlt awer och soen, datt mer, wa mer dee Projet hei begrëissen, och drun erënneren, datt et och nach aner Plazen am Land gëtt, wou Investissementen an d'Schoulen noutwendeg sinn, ënner anere zu Déifferdeng oder zu Mondorf, wëll ech drun erënneren, datt do och nei Infrastrukture gebraucht ginn. An dann hoffe mer och, datt also relativ schnell, an deenen nächste Wochen, Méint - wat weess ech -, esou schnell wéi méiglech dann och hei d'Regierung eis ka Projete presentéiere fir déi Siten.

Dat gesot, also den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet de loi.

Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Ech soen lech Merci, Här Berger. Da ginn ech d'Wuert weider un d'Madame Mutsch.

► **Mme Lydia Mutsch** (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Lycée Hubert-Clément oder den Escher Meedercherslycée, wéi en och haut am Minette nach ganz oft genannt gëtt, huet d'lescht Joer 2011 seng honnert Joer gefeiert. Et ass ee vun deene Lycéeën, wou déi éischt Frae viru ronn 95 Joer hire Premièresexame gemaach hunn. Dat ass haut eppes ganz Normales, mä dat war et awer während ganz laanger Zäit iwwerhaupt guer net.

Leider gesäit d'Gebai, esou schéin et och ass, haut nach bal genee esou aus wéi deemools. 1999, virun 13 Joer, war d'Iddi bei der Regierung geräift, fir de Lycée Hubert-Clément ganz nei ze bauen, an zwar um Site Terres Rouges, och an direkter Noperschaft zum Zentrum vun Esch. Leider ass no laangem Hin an Hier 2007 décidéiert ginn - virun allem aus Käschtengrënn, awer net nëmmen -, de Lycée um aktuelle Site ze renovéieren a komplett ëmzebauen. De Rapporteur ass schonn op deen Historique agaangen, an ech ka mech senge kritesche Reflexiounen nëmmen uschlëssen a wäert se och hei net widerhuelen.

Déi laang Waardezäit huet awer net nëmmen den Image an d'Entwécklung vun der Schoul selwer beanträchtegt, mä och d'Entwécklung vun der Standuertgemeng a vun der Regioun, well déi verschidde Variante ganz ënnerschiddlech Impakter op d'Stadentwécklung kënnen hunn. Wéi 2007 d'Décisioun gefall ass, fir um aktuelle Standuert ze bleiwen, konnt endlech erëm konstruktiv weidergeplangt ginn.

D'Envergure vun den Aarbechte war ganz grouss. Et war an ass jiddwerengem kloer, dass de Lycée Hubert-Clément dës Aarbechten drénglechst brauch, fir d'Gebai erëm fit ze maache fir déi nächst Jorzéngten a fir déi nächst Generatiounen. Et soll een op dëser Plaz op en Neits begrëissen, dass de Stat d'Wichtigkeet kloer erkannt huet, fir op en Neits am Süden an notamment zu Esch ze investéieren.

Derbäi kënnt, dass en neit an attraktiv renovéiert Gebai en direkte positiven Impakt op d'Zefriddenheet vu Schülerinne, Schüler a Léierpersonal wäert hunn. Mä och den Impakt op d'Ëmfeld am Quartier an den Image vun der Standuertgemeng ass heibäi net ze ënnerschätzen.

Wéi d'Gronddémarche fir den Ëmbau gekläert war, dunn huet natierlech misse gekuckt ginn, wéi den Interim während dem Schantje kéint geléist ginn. Och hei war net alles direkt kloer an et huet e bësse gedauert, bis eng Léisung fonnt ginn ass, déi den Accord vun allen Acteuren erlaabt huet. D'Gebai op der Victor-Hugo-Plaz steet elo an der Iwwergangszäit zur Verfügung, manner wéi 900 m ewech, wat den Hin an Hier fir all Betreffen a Grenzen hält.

E geplangten neie Modularbau kann dee Moment genotzt ginn, fir de Projet „Cap Futur“ Ganzdagsschoul vum Lycée technique ze droen. Op eis Nofro hi krute mir gesot, dass d'Administration des Bâtiments publics ganz zouversichtlech ass, fir dee Volet den Hierscht kënnen am Grëff ze hunn. An dat ass och ganz wichteg fir den Démarrage vum Projet.

Domat steet fir de Lycée Hubert-Clément zesumme mam deelweis benotzbare besteende Gebai genuch Plaz zur Verfügung, fir eng kloer Struktur ze schafen, déi bei de Schüler an dem Léierpersonal gutt ukëent an hinnen entgéintkënt bei hiner Aarbecht.

Ofschlëssend bleift ze ënnersträichen, dass mir eis all, a bestëmmt och den Direkter a fréiere Kolleg Frunnes Maroldt, deen haut bei eis ass, op dat neit Gesiicht vum Lycée Hubert-Clément freeën, d'Regierung encouragéieren, fir de Projet an dëser Form zügeg unzegoen. An dat erlaabt mir, dem Rapporteur e grouse Merci ze soen an den Accord vu menger Fraktioun mat op de Wee ze ginn.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci, Madame Mutsch. An dann ass et un der Madame Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der grénger Fraktioun wëll ech och dem Här Spautz Merci soe fir säin interessante Rapport. Als fréier Schülerin vum Lycée Hubert-Clément,...

► **M. le Président**.- Aha! Dir och!

(Hilarité)

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng).- ... där hiren Numm och haut un der Mauer vum Préau hängk, sinn ech natierlech frou feststellen, datt de Projet vum fréiere Meedercherslycée vun Esch endlech um Zil ukënn.



Allerdéngs geschitt dat net zu eiser vollster Ze-friddenheet. Nodeems de Regierungsrot am Joer 1998 decidéiert huet, de Lycée Hubert-Clément ze renovéieren an auszebauen, ass dës Décisioun am Joer '99 nees réckgängeg gemaach ginn an et sollt zu engem Neibau op der Lentille Terres Rouges kommen. Mä leider ass dës Projet am Joer 2007 nees fale gelooss ginn. Doropshin huet et nees eng Kéier fénnef Joer gedauert, bis et dann elo awer zu enger Renovéierung an enger Extensioun vum Lycée kënnt.

Dat Éischt, wat een dozou ka soen, ass natierlech, datt dee laangen Zickzackkurs iwwer Jor-zénge wuech net glécklech war a vill Gedold erfuerdert huet, virun allem op der Säit vum Personal a vun der Direktioun, déi sech ëmmer nees op vag Zukunftspläng hu misse verträischten.

Dat Zweet, an dat bedauere mir zudéifst, ass, datt de Projet vun enger neier Konstruktioun op der Lentille Terres Rouges fale gelooss ginn ass, ouni datt d'Regierung dofir eng plausibel Erklärung geliiwert huet an ouni datt se Konklusiounen aus enger Etüd iwwert d'Intégration urbaine vum Lycée op deem Site gezunn huet.

déi gréng waren nach ëmmer der Meenung a bleiwen et och, datt en Ausbau op den Terres Rouges eng besser Léisung gewiescht wär. Eng nei Konstruktioun op deem Site hätt nom obligatoresche Prinzip vum „pollueur-payeur“ net nëmmen zu der Sanéierung vum Terrain op d'Käschte vun ArcelorMittal misse féieren, mä virun allem och zu enger sénnvoller Nutzung vun deem zéng Hektar groussen an zentralen Areal.

Obschonn d'Lentille Terres Rouges schonn an den 90er Joren als virrangenge Entwécklungspôle agestuut ginn ass an d'Stad Esch déi Iddi, wéi gesot, ënnerstëtzt huet, war d'Regierung schlussendlech net derzou ze bewegen, de Lycée op dësem ideale Site ze implanteieren. Sou datt mir eis haut noutgedronge mat der schwieriger Situatioun vun der Vergréisserung vun de scho bestoenden Infrastrukturen a mat der Renovatioun mussen offannen.

Ofgesi vun där prinzipieller Kritik, wat de Choix vum Site ubelaangt, wëll ech awer och e puer konkret Froen opwerfen, déi sech am Kontext vum virleiende Projet stellen. Mir deelen d'Suerg vum Personal, datt d'Renovatioun vun der Victor-Hugo-Schoul no der Faillite vun der zoustänneger Firma net schnell genuch iwwert d'Bühn geet, fir den Unterrecht am September ënner gudder Konditiounen an deem Gebai kënnen ofzehalen.

Gedanke maache mir eis och iwwert d'Identitéit vun der Schoul: Wéi kann déi oprechterhale ginn, wann d'Klassen, d'Enseignanten an d'Servicer jorelaang op verschidde Siten ënnerbruecht sinn? Dowéinst si mir der Meenung, datt gezielt iwwert dee Volet muss nogeduecht ginn, datt genuch finanziell Mëttelen an zousätzlech Personal zur Verfügung gestallt musse ginn, éischstens, fir déi intern Kommunikatioun tëschent de Siten op engem Maximum ze halen, an zweetens, fir der Schoul hir Identitéit no baussen hin ze vermëttelen.

Zu där Identitéit gehéiert och de Schülertheatergrupp Namasté, deen an dëser Schoul an iwwer hir Grenzen eraus net nëmme groussen Theater spillt, mä och maassgeblech zum positiven Image vun dëser Schoul bäidréit. Mir hoffe staark, datt d'Dynamik vun deem Grupp net duerch d'Renovatiounsarbechte gebrach gëtt. Wann een nämlech weess, datt dat ganz informatescht an technesch Material vun Namasté an en ausgedéngt Lager vun engem Miwwelhaus verfracht soll ginn, wou et net viru kalen Temperaturen a Fiichtgeket geschützt ass, da kann een nëmmen hoffen, datt de materielle Schued sech a Grenzen hält an datt d'Aktivitéite vun deem Theatergrupp net wäerten op der Streck bleiwen.

Natierlech gehéiert zu der Renovatioun och déi energetesch a baubiologesch Sanéierung, wou d'Pläng leider net op e Paradebeispill an deem Beräich schlësse loosse. Am Gesetzestext steet net vill méi, wéi datt d'Liewensqualitéit an deem 60 Joer ale Gebai eropgeet, datt just dat aalt Gebai komplett isoléiert gëtt an datt just den Daach vun der Sportshal mat Fotovoltaiksanlagen installéiert gëtt.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, trotz dësem energiepolitesche Bémol an trotz eiser Enttäuschung doriwwer, datt de Site vun den Terres Rouges vun der Regierung fale gelooss ginn ass, wënsche mir dësem Projet e schnellen a reibungslosen Oflaf. De Lycée Hubert-Clément muss esou schnell wéi méiglech modern an zäitgeméis Infrastrukturen kréien, fir endlech

sengen onzoumuttbare Frittebuden a sengem 60-jährige Gymnase lasszeginn.

An deem Sënn ënnerstëtze mir dës Projet de loi, mat der uschlëssender Fro un d'Regierung, wéini se da gedenkt, d'Firma ArcelorMittal zu der Sanéierung vun der Lentille Terres Rouges ze forcéieren a wéi engem Notze se dës Site wëllt schlussendlech zouféieren. Net nëmmen déi gréng Fraktioun, mä doudsécher och déi Escher Leit géife sech iwwert d'Äntwert freeën.

Ech soen Iech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och der Madame Lorsché. Als leschtem ageschriwwene Riedner ginn ech dann d'Wuert dem Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och ech wëllt mech deene ville Mercien uschlëssen, déi eisem Rapporteur haut schonn entgéintbruecht gi si fir säi ganz gudder Rapport. Mir hu selbstverständlech mat deem Projet hei iwwerhaapt kee Problem a mir stëmmen e ganz gäre mat.

Ech wëllt awer elo net heihikommen an eis d'Freed um Geldausgi verdierwen, mä mir hunn eis awer emol erlaabt, zesummenzerechnen an zesummenzezielen, wat mer haut ausginn hunn: de Lycée zu Gilsdorf: 100 Milliounen, d'Cité des Sciences: 136 an eppes, de Lycée Hubert-Clément: 46, dat ginn 282.750.000 Euro oder eelef an eng hallef al Milliarden Frang an e puer Stonnen!

Elo ass natierlech d'Fro, Här Minister, well mer jo awer wëssen, datt ënner enger CSV/LSAP-Regierung d'Evolution vun de Staatsfinanzen net ganz positiv ze nennen ass an datt Der wahrscheinlech an der Regierung iergendwéini muss ufänke mat Geld spueren... Do ass Äre Ministère wahrscheinlech och mat concernéiert. Mir hunn eng ganz Rei Projeten hei gestëmmt, déi nach net ugefaange sinn, déi nach an der Pipeline sinn. A meng éischt Fro ass: Wéini mengt Dir, datt déi hei Saachen, déi mer haut gestëmmt hunn, kënnen gebaut ginn? An: Wou wëllt Dir spueren an Ärem Departement?

An ech wëll gläich drunhänken, well ech jo vun der ADR sinn an Dir eis Partei jo sécher kennt a schätzt: Ech mengen, datt den Tram zum Beispill vun Dag zu Dag manner wahrscheinlech gëtt. Well mat deem Defizit, dee mir hunn, a mat esou ville prioritäre Projeten - well d'Schoule sollen zu de Prioritéite gehéieren - bleift kee Geld, fir Geld ze verbëtzen zum Beispill duerch e sénnlosen Tram.

(**Interruption**)

Här Minister, compte tenu vun der Situatioun vun de Staatsfinanzen, wou haut erëm eng Kéier eelef an eng hallef Milliarden derbäikommen: Wéi gedenkt Dir ze spueren? Wat ass Äre Bäitrag fir d'Sanéierung vum Statsbudget? Wou fänkt Der un? A wat maacht Der mat engem Tram, dee kee Mënsch brauch a kee wëllt?

Villmools Merci.

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Kartheiser. Hie war de leschten agedroene Riedner. Da ginn ech d'Wuert weider un den zoustännegen Minister, den Här Wiseler.

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Merci, Här President. E puer Froen sinn hei gestallt ginn an ech wëll och probéieren, kuerz dorobber anzegoen. Éischstens ass eng Diskussioun gefouert ginn iwwert de Choix vum Site. De Choix vum Site, wou virdrun d'Lentille Terres Rouges geplangt war a wou d'Regierung 2007 op eng aner Décisioun komm ass. Do gëtt et ganz kloer eng Rei Grënn derfir an et ass net, datt déi Décisioun einfach esou aus heiterem Himmel geholl ginn ass.

Ee vun de Grënn derfir, dat ass, datt éischstens emol den Terrain vun der Lentille Terres Rouges dem Stat net gehéiert, mä der Arcelor gehéiert. Dat ass deen éischte Grond.

Deen zweete Grond, dat ass, datt de Site manifestement polluëiert ass an datt déi Käschten, déi mer hätte missen ausginn, fir dee Site hei erëm an d'Rei ze kréien, natierlech erheblecher gewiescht wäeren. Mat 20 Milliounen ware se ugesat. Mä mir wëssen, wat déi 20 Milliounen heeschen, wa mer gesinn, wat bei der Liaison Micheville un zousätzlech Käschten, déi net virausgesi waren, och nach op eis zoukumm ass. Dat heescht 20 Milliounen, mat engem groussen Risque verbonnen; loosse mer et emol esou ausdrécken.

Drëttens ass dee Buedem och net stabiliséiert gewiescht. Dat heescht, och do war et relativ schwierig, anzuschätzen, wat fir eng zousätzlech Aarbechten nach hätte misse gemaach ginn. A véiertens ass dat, wat op deem Site momentan ass, dat heescht, déi al industriell Gebailechkeeten, deelweis en historiesche Site a mat enger Rei Contraintë verbonnen, sou datt een och vum Bau hier net hätt kënnen esou fräi

plangen, wéi een en normale fräie Site hätt kënnen plangen.

A schlussendlech wëll ech awer och dozou soen - ech ginn haut net op dem Här Kartheiser seng Fro iwwert den Tram an, well mer haut net iwwert den Tram schwätzen, dat maache mer eng aner Kéier ganz gäre mat ganz vill Plë-séier -, haut wëll ech awer soen: Wann hei e Choix geholl ginn ass, da muss ee kucken, wat en neie Lycée op Terres Rouges kascht hätt - 90 Milliounen theoretesch de Lycée, plus all déi Frais-connexen, 20 Milliounen Dekontaminatioun, an anerer nach derbäi. An hei hu mer e Projet fir 46 Milliounen! Wann Der mech no Spuermoosname frot, da soen ech, dat hei ass sécherlech och eng dovunner.

Et gëtt och nach aner Grënn, firwat déi Décisioun hei geholl ginn ass. Mä een dovunner ass, datt mer dat Resultat erreechen: eng uerdentlech Schoul, eng flott Schoul fir Enseignanten a fir Schüler, fir e ganz anert Investissement.

Ech maachen Iech just d'Bemierkung, datt Dir elo gesot hutt: „Selbstverständlech muss op all deene Projete gespuert ginn.“ Dir hutt se jo awer bal all matgestëmmt. An Dir hutt se och alleguer begréisst. An Dir hutt och bei en alleguer bal gesot, ausser dee vu Gilsdorf - mä do hutt Der och net gesot, datt Der d'Akerbau-schoul net wëllt, Dir hutt just gesot, datt Der se op eng aner Plaz wëllt -, bei allen hutt Der gesot, datt se noutwendeg wäeren a sénnvoll wäeren.

Et ass also liicht ze soen: „Spuert op där enger Säit, mä baut op där anerer Säit awer alles.“ Well dat si jo d'Aussoen, déi hei kommen. Mir hunn e Spuerprogramm, deen och gemaach gëtt. A selbstverständlech sinn och d'Investissementen een Deel dovunner. A le moment donné kritt Der dee selbstverständlech och hei, fir eng gréisser Diskussioun ze féieren.

Et ass decidéiert ginn, datt d'Halschent vun de Schüler sollten an de Victor-Hugo eriwergoen. Zu engem Deel, well mer keng Plaz fonnt hunn um Site selwer, fir Containeren opzerichten. Et wär selbstverständlech fir d'Éducation nationale, fir d'Direktioun méi einfach gewiescht, wa se och a Containeren hätte kënnen um Site weiderfueren. Mä d'Gegebenheete vun deem Site hunn dat net hierginn. Dofir ass eng aner Solutioun gesicht ginn.

De Victor-Hugo ass amgaang ëmgebaut ze ginn. Dat sinn Aarbechten, déi zwar méi laang gedauert hunn, wéi initialem geduecht gi war, well während dem Émbau op Problemer gestouss ginn ass. Mä mir denken, datt mer dat elo am September fäerdeg kréien, malgré enger Faillite, déi bei enger vun den Entreprises elo war an déi eis natierlech - Iech alleguer - Suerge gemaach huet. Mä dat sinn awer déi Saachen, déi op de Chantieren nun einfach virkommen, déi mer net kënnen évitéieren.

Wa se virkommen - de Bâtiment public huet do relativ schnell reagéiert, fir ze kucken, fir eng nei Entreprise ze fannen an der Soumissioun, déi se haten, fir mat deenen eens ze ginn a fir de Chantier esou schnell wéi méiglech weider kënnen ze féieren. Sou datt mer dovunner ausginn, datt ab September dat kann esou prett sinn, wéi et a sech virgesinn ass: ee Joer Preparatiounszäit an dann zwee Joer fir déi éischt Phas, ee Joer fir déi zweet Phas. Sou datt mer dovunner ausginn, datt mer am September 2016 hei kënnen mat deem Projet fäerdeg sinn an datt de ganzen Ensembel dann erëm steet.

Ech soen alle Fraktiounen villmools Merci fir déi Zoustëmmung zu deem Projet, a selbstverständlech der Kommissioun an dem Rapporteur fir säin historieschen an technesch Ableck an déi Schoul do.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Minister. D'Diskussioun wär domadder ofgeschloss a mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert dee Projet de loi kommen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6357 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote ass un. De Vote par procuration wann ech gelift.

(**Interruption**)

► **Une voix.**- Ausnahmsweis stëmmt den Här Urbany emol eng Kéier mat Jo.

► **Une autre voix.**- Et funktionéiert net.

► **Une troisième voix.**- Geet et net?

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Wann ech wëll mat Jo stëmmen, funktionéiert et net!

(**Hilarité générale**)

► **M. le Président.**- De Vote ass domadder ofgeschloss.

An d'Resultat ass dann, wann ech dem Här Urbany säi positive Vote mat aschlëssen: 59 Jo-Stëmmen, ouni Nee-Stëmm an ouni Enthaltung.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Christine Doerner), MM. Fernand Boden (par M. Lucien Clement), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Lies (par M. Raymond Weydert), Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Marcel Oberweis), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Martine Mergen), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, M. Roger Negri et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur (par M. Claude Meisch), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Fernand Etgen) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. Serge Urbany.

Voilà, domat wär dee Punkt dann ofgeschloss, a mir géifen zum nächste Punkt vum Ordre du jour...

(**Interruption**)

Entschëllegt?

Ah jo, d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel.

(**Hilarité**)

Do gesäit een, datt mir nach e bësse Rodage heiuwee feelt. Sidd Der domadder d'accord, fir dem Statsrot déi ze proposéieren?

(**Assentiment**)

Dat wär dann domadder och decidéiert.

Mir géifen dann zur Interpellatioun vum Här Félix Braz iwwert d'Strategie vun der Regierung fir de Stolsecteur kommen. D'Riedezeit ass hei nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen, mat Ausnahm vum Interpellant: den Här Spautz, den Här Meisch, den Här Engel an den Här Weber.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- An ech.

► **Une voix.**- An den Här Urbany.

► **M. le Président.**- Ee Moment, den Här Gibéryen, den Här Urbany. Hätt ech se elo domadder all? Wann dat de Fall ass, da géif ech dem Här...

(**Hilarité**)

Also alleguerten d'Riedner selbstverständlech! Da géif ech dem Här Braz d'Wuert ginn.

14. Interpellation de M. Félix Braz sur la stratégie du Gouvernement pour le secteur sidérurgique au Luxembourg et dans l'Union européenne

Exposé

► **M. Félix Braz (déi gréng), interpellateur.**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, ech hunn als Interpellant 20 Minutten zur Verfügung. Ech denken och, dass ech mat där Zäit eens ginn. Sollen et awer e bësse méi laang sinn, Här President, géif ech Iech bidden, dat op d'Zäit vun eiser Fraktioun ze imputéieren. Mä ech mengen awer, dass et misst ongeféier klappen.

Déi liberal Ministesch an Deputéiert Colette Flesch sot an den 80er Joren, d'Sidérurgie wier eng „industrie crépusculaire“. An dat sollt heeschen, eng Industrie, déi wéi d'Sonn um Enn vun hirem Zyklus ënnergeet. Si gouf dofir vill kritiséiert. Mä hanner virgehalener Hand gëtt bis haut vu ville Leit gesot, dass se recht hätt.

D'Colette Flesch, fir déi ech par ailleurs ganz vill Respekt hunn, huet sech awer a mengen Aen do géiert. D'Stolindustrie war an ass bis haut keng „industrie crépusculaire“, weder zu Lëtzebuerg nach an der Welt. D'Stolproduktioun ass nämlech zu Lëtzebuerg zënter der Stolkris an de 70er Joren eigentlech net gefall. Den Tonnage zu Lëtzebuerg, dee produzéiert gëtt, ass net réckleefeg.

D'Stolindustrie ass zu Lëtzebuerg awer vläicht en „employeur crépusculaire“, wann een zréckkuckt op d'70er Joren, well d'Stolindustrie fir deeselwechten Tonnage ëmmer manner Leit brauch, fir en ze produzéieren. Waren dat viru 40 Joer nach liicht iwwer 30.000 Leit, esou si